

Présents/Anwesend:

Marco Bermes, bourgmestre (*Bürgermeister*);
Michel Majerus, Bob Ries, échevins (*Schöffen*);
Tommy Urbing, Piet Van Luijk, João Gomes De Jesus,
Gerard Leuchter, Stéphanie Colbett, conseillers (*Räte*)
Véronique Hengen, secrétaire remplaçante (*Ersatz-Sekretärin*)

Absences excusées / Abwesend entschuldigt:

Edith Jeitz

Fonctionnaires/Beamte :

/

Experts/Experten :

/

Presse :

/

Auditeurs/Zuhörer :

/

Öffentliche Sitzung vom 27. Mai 2024

Séance publique du 27 mai 2024

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos :

Gestion du personnel

1. Nomination provisoire d'un fonctionnaire communal, relevant du groupe de traitement B1, sous-groupe à attributions particulières, pour le poste du secrétaire communal.
2. Nomination d'un fonctionnaire communal, relevant du groupe de traitement A2, sous-groupe à attributions particulières, pour le poste du secrétaire communal.
3. Nomination d'un fonctionnaire communal, relevant du groupe de traitement A1, sous-groupe à attributions particulières, pour le poste du secrétaire communal.

Séance publique :

Gestion du personnel

4. Suppression de postes

Collège des bourgmestre et échevins

5. Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins

TAGESORDNUNG

Geschlossene Sitzung:

Personalverwaltung

1. Vorläufige Ernennung eines Gemeindebeamten, der in die Gehaltsgruppe B1, Untergruppe mit besonderen Befugnissen fällt, für die Stelle des Gemeindesekretärs.
2. Ernennung eines Gemeindebeamten, der in die Gehaltsgruppe A2, Untergruppe mit besonderen Befugnissen fällt, für die Stelle des Gemeindesekretärs.
3. Ernennung eines Gemeindebeamten, der in die Gehaltsgruppe A1, Untergruppe mit besonderen Befugnissen fällt, für die Stelle des Gemeindesekretärs.

Öffentliche Sitzung:

Personalverwaltung

4. Streichung von Stellen

Schöffenrat

5. Fragen der Gemeinderäte an den Schöffenrat

Début de la séance / Anfang der Sitzung

9:00 heures / Uhr

Séance à huis clos

1. Nomination provisoire d'un fonctionnaire communal, relevant du groupe de traitement B1, sous-groupe à attributions particulières, pour le poste de secrétaire communal

Daniel Erpelding est nommé provisoirement au poste de secrétaire communal relevant du groupe de traitement B1, sous-groupe à attributions particulières, ceci à raison de 100% et avec effet au 1^{er} août 2024.

2. Nomination d'un fonctionnaire communal, relevant du groupe de traitement A2, sous-groupe à attributions particulières, pour le poste de secrétaire communal

Aucun candidat n'est nommé au poste de fonctionnaire communal, relevant du groupe de traitement A2, sous-groupe à attributions particulières, pour le poste de secrétaire communal.

3. Nomination d'un fonctionnaire communal, relevant du groupe de traitement A1, sous-groupe à attributions particulières, pour le poste de secrétaire communal

Aucun candidat n'est nommé au poste de fonctionnaire communal, relevant du groupe de traitement A1, sous-groupe à attributions particulières, pour le poste de secrétaire communal.

Séance publique

4. Suppression de postes

Le conseil communal, à l'unanimité des voix, supprime les 2 postes énumérés sous 2. et 3.

5. Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins

Questions orales au collège des bourgmestre et échevins lors de la séance du conseil communal

Les questions seront traitées conformément à l'article 4 - Questions émanant des conseillers conformément au règlement intérieur du conseil communal du 1^{er} août 2023.

Geschlossene Sitzung

1. Vorläufige Ernennung eines Gemeindebeamten der Gehaltsgruppe B1, Untergruppe mit besonderen Befugnissen, für die Stelle des Gemeindesekretärs

Daniel Erpelding wird provisorisch für die Stelle des Gemeindesekretärs der Gehaltsgruppe B1, Untergruppe mit besonderen Befugnissen, ernannt, dies zu 100% und mit Wirkung vom 1. August 2024.

2. Ernennung eines Gemeindebeamten der Gehaltsgruppe A2, Untergruppe mit besonderen Befugnissen, für die Stelle des Gemeindesekretärs.

Es wird kein Kandidat für die Stelle eines Gemeindebeamten der Gehaltsgruppe A2, Untergruppe mit besonderen Befugnissen, für die Stelle des Gemeindesekretärs ernannt.

3. Ernennung eines Gemeindebeamten, der Gehaltsgruppe A1, Untergruppe mit besonderen Befugnissen, für die Stelle des Gemeindesekretärs.

Es wird kein Kandidat für die Stelle eines Gemeindebeamten, der Gehaltsgruppe A1, Untergruppe mit besonderen Befugnissen, für die Stelle des Gemeindesekretärs ernannt.

Öffentliche Sitzung

4. Streichung von Stellen

Der Gemeinderat streicht mit einstimmigem Beschluss die beiden Stellen aus Punkt 2. und 3.

5. Fragen der Mitglieder des Gemeinderats an den Schöfferrat

Mündliche Anfragen an den Schöfferrat während der Sitzung des Gemeinderats.

Die Fragen werden gemäß Artikel 4 - Anfragen von Ratsmitgliedern gemäß der Geschäftsordnung des Gemeinderats vom 1. August 2023 behandelt.

Conseillère Jeitz:

1. Et ass an der lëster Séance vum Conseil den 06.05.24 en neit Subsiden-Gesetz gestëmmt ginn. Ech konnt dat net matdroen! Ech giff dem Schäfferot proposéieren sech en Jurist mat dobäi ze huelen, fir dass alles en bonne et due forme ass. En Besispill: am Artikel 11, wat geschitt mat den Fongen vun enger ASBL am Fall vun enger Dissolutioun? Dëst définéieren t'Statuten, wann net dann d'A.G., awer sécher net eng Gemeng, well se en Subside ginn huet! Vu dass iisen Buet just 4x am Jahr eraus könnt, giff ech dem Schäfferot proposéieren fir iis Voten esou schnell wie méiglech online ze setzen fir dass iis Bierger mat Zäiten informéiert ginn. Iisen Livestream, den mir als vireschten Schäfferot installéiert haten, wär jo elo hei, an dëser Konstellatioun net mi erwünscht. Et ass net ok, fir iis Matbierger 3 Minnt mi spitt ze informéieren! Dat geht guer net!

® **Schäfferot** : Et ass wichtig ze ënnersträichen, dass beim genannte Vote et sech ëm en neit Subsiden-Reglement handelt a net ëm e Gesetz. Gesetzter gi jo bekanntlech just vun der Chamber gestëmmt, sur avis du Conseil d'Etat. Déi Conseilleren déi d'Gemeengesetz an déi aner Reglementatiounen kennen wëssen dat jo ganz sécher. Trotzdeem ass et Däi Recht, dëst net matzedroen, a mir respektéieren dës Entscheidung. Wat Däi Virschlag e Jurist an de Prozess mat anzebannen betrëfft, sief verséichert, dass mir ëmmer op d'Konformitéit vun eisen Aktiounen oppassen an am Fall wou nëideg, kompetent juristesch Berodung anhuelen. Bezüglech der Kommunikatioun mat eise Bierger, erkenne mir d'Wichtigkeet vun Transparenz a Schnellgeet. Während de soi-disant "Livestream", wéi s Du korrekt bemierkt hues, an der Vergaangenheet ofgeschafft gouf wéinst enger Rei vu Problemer, dorënner eng gewësse Perceptioun vun Onprofessionalitéit, si mir weiderhin oppe fir nei Weeër, eis Bierger ze informéieren.

2. Den 23. Februar vun dësem Jähr, huet iisen Schäfferot en Bréif kirtt, mat an Kopie d'Madamm Yuriko Backes Ministre de la Mobilité et des travaux publics an den Här Léon Gloden, Ministre de l'Intérieur, et geht em die Parkingen an der Route de Luxembourg zu Konsdref. Die Lëtt die do wunnen sinn net amused iwer dës Mesuren. Hei kréien verschidden Persounen privat Parkingen op t'Käschten vun der Gemeng, et ginn just eng Handvoll Ménagen privilégéiert! Wann et awer elo wär, fir engem Commerçant eng Méiglechkeet ze ginn, dann hätt et mussen en Parking déterminé sinn, an net esou wie et elo ass, en Parking indéterminé. Et ass enorm geféierlech wat do gemach ginn ass, an et ass just eng Fro vun der Zäit bis do eppes geschitt. Meng Fro: die Lëtt hun entretemps eng Aentwert kritt, ech hun déi elo net gesinn, mais Si sinn domat net zefridden, Dir sidd net ob Hir Doléancen agangen an Si erwärden awer nach en Retour vun Säiten vum Schäfferot! Nach en klengen Detail zum Parking bei der Post. Ob der Platz huet mussen den sécheren Schoulweeg garantéiert ginn, dat wär nécessaire. Den vieregten Schäfferot hat an sengem Planing 1 Autosparkplatz an 1 Motosparkplatz geplangt. Di Platz ass net esou amenagéiert ginn wie mir dat geplangt haten. Dat ass schuns des Öfteren hei falsch gesot ginn, an gött och dobaussen wéssentlech oder onwéssentlech falsch kommunizéiert! Ech wollt dat awer elo nach eemol klär stellen.

® **Schäfferot** : Als Schäfferot vun der Gemeng Konsdref schätze mir all Awunner seng Suergen a Froen, an dofir wëlle mir kloer an transparent op Deng Aussoen äntweren: Bezüglech de Parkingsituatioun an der Route de Luxembourg, do krut kee Mënsch e private Parking op d'Käschte vun der Gemeng geschenkt. D'Parkingen, déi s Du ugeschwat hues, sinn ëffentlech Plazen, fir d'gemeinsam Notzung a net fir e puer „privilegiert“ Menagen. Et handelt sech em ëffentlech Parkingen, déi fir jiddereen accessibel sinn, an net em privat Parkingen. Eng zäitlech Benotzungsbegrenzung stoung och schonn zur Debatt. Mir, als aktuelle Schäfferot, hunn d'Pläng vum vieregten Schäfferot gepréift an hu mussen feststellen, dass déi initial Propos leider net optimal war am Kontext vun de moderne Verkéiersberouegungen a Sécherheitsmoosnamen. D'Ännerungen, déi mir agefouert hunn, sinn duerchgefouert ginn no Berodunge mat de pertinente Ministèren a Verkéiersplanungsexperten. D'Prioritéit bleift de Séchere

Schoulwee, a mir sinn ëmmer bereet d'Moosname kritesch ze evaluéieren an unzepassen, wann néideg.

Mir verstinn natierlech, dass et heiansdo Onzefriddenheet gëtt. Et ass ganz schwéier, wa net esouguer bal onméiglech, et jidderengem zu honnert Prozent gerecht maachen. Mir probéieren all ons Bierger an der Notzung vum ëffentleche Raum gläich ze behandelen. Wann d'Leit do berechtigt Doleancen hunn, si mir déi läscht, déi sech engem konstruktiven Dialog verschléissen.

3. Nach eng kleng Remarque un iis Conseilleeën, ech hat an iiser ischter Sitzung an dëser Konstellatioun gesot, Dir sollt t'Loi Communal liesen, do steet dran wat den Devoir vun engem Conseiller ass. Dir musst kontrolléieren wat Dir matstëmmt, Dir huttt Responsabilitéit fir dat wat Dir matdrot, Dir könnt zur Rechenschaft gezunn ginn.

® **Schäfferot** : Wou ass do w.e.g d'Fro? Och wann s du hei keng Fro un de Schäfferot stells, wëlle mir zu Denger Remarque bezüglech der Verantwortung vun den Gemengenconseillere, gären e puer Punkte präziséieren, fir méiglech Mëssverständnisse opzklären. Éischtens, mir sënn och der Meenung, dass d'Loi Communale d'Basis vun eisem gemeinschaftlechen Engagement ass. Eis Conseillere si sech deenen Aufgaben a Verantwortung, déi si hunn, voll bewusst an handeln entsprecheend de gesetzleche Virschreften. Eis Decisiounen baséieren op grëndlecher Evaluatioun a Verifizéiere vun den Informatiounen, déi mir an all Sëtzung kréien. Et ass richtig, dass all Conseiller d'Veantwortung huet, sech virum Stëmme ze informéieren an dofir garantéieren mir als Schäfferot, dass all néideg Dokumenter an Informatiounen mat Zäit zur Verfügung gestallt ginn. D'Decisiounen ginn zesummen a mat grousser Suergfalt getraff, mam Wuel vun eiser Gemeng an de Bierger virun An.Schlussendlech mussen mir betounen, dass mir all am selwechte Boot setzen. Dat heescht als Gemengereponsabele soll een transparent handeln a et soll ee keng ongerecht Virwërf maachen. Mir maachen eis Bescht am Déngscht vum Allgemengwuel, a mir sinn ëmmer oppe fir konstruktiv Kritik, déi op realistesch Fakten an Zuele berout. Mir fuerderen Dech op dëst ze beuechten an d'Kommunikatioun op eng produktiv Manéier weiderzeféieren.

Fin de la séance / Ende der Sitzung

9:20 heures / Uhr